

Magazine

gero AKTIV

Agenda

Alle unsere Aktivitäten /
Toutes nos activités

Seite/page 41

Diversität / La diversité
Vielfalt sichtbar machen
Rendre la diversité visible

Médiateur de la santé
Zesummen eng Chance ergräifen
Une chance pour tous

geroDOSSIER

La diversité religieuse / Religiöse Vielfalt





Votre opticien à domicile

Vous n'avez ni le temps ni la possibilité de vous déplacer chez votre opticien ?

Afin d'offrir tous les services d'un opticien spécialisé à la maison, au travail, dans les maisons de retraite et établissements de soin, le maître opticien Manuela Weis a créé en 2007 le service Home Care. Cette solution tout confort s'adresse aux personnes qui, pour des raisons de santé ou de temps ne peuvent ou ne préfèrent pas se rendre personnellement chez l'opticien.

Nous parlons luxembourgeois, allemand, français et anglais.

Les services à domicile

Examen de la vue

La gamme de services mobiles comprend l'examen de vue à l'aide d'appareils ultra modernes par votre maître-opticien.

Les 25 ans d'expérience professionnelle, la technique et les outils numériques employés permettent d'effectuer des examens de la vue avec la plus grande précision.

Conseil

Essayez différents modèles de montures et bénéficiez de conseils professionnels et individuels pour définir la monture et les verres les mieux adaptés à la morphologie de votre visage et à votre vue. Faite votre choix parmi plus de 200 montures de tous styles et de tous budgets.

Livraison

Votre maître-opticien s'engage à vous livrer à domicile vos lunettes dans les meilleurs délais.

Ajustement et réparation

Besoin d'ajuster les branches de vos lunettes ou de faire changer un verre cassé ?

Votre maître-opticien à domicile se déplace pour adapter, réparer ou remplacer vos lunettes.

Loupe

Nous mettons à votre disposition un grand choix de loupes à l'essai pour mieux répondre à vos besoins visuels.



EDITORIAL

Liebe Leser*innen

Chers lecteurs / Chères lectrices

NIE WIEDER?!

Es ist wieder Krieg! Im Herzen Europas, in der Ukraine, keine 2.000 km von uns entfernt.

Kriegsberde gibt es zwar immer auf der ganzen Welt, aber dieser geht uns Europäer*innen besonders nah.

Ich gehöre zu der Nachkriegsgeneration, die im Glauben aufwuchs, dass „Nie wieder Krieg“ bei uns ewig währen würde. Ganze 77 Jahre haben wir uns sicher gewöhnt.

Dabei leben die Schrecken des letzten Weltkriegs immer noch in uns weiter, und manche Erzählung unserer Eltern ist uns so nahegegangen, als hätten wir sie selber erlebt.

Und nun ist dieser Krieg in unseren Alltag eingezogen, per Bildschirm sind wir sozusagen live dabei – und fühlen uns hilflos. Die Werte unserer Demokratien sind ins Leere gelaufen.

Wie umgehen mit diesem Gefühl der Hilflosigkeit?

Wir können spenden, Flüchtlinge aufnehmen, uns weniger von den Nachrichten vereinnahmen lassen. Aber auch Kraft schöpfen, indem wir uns bewusst auf Positives konzentrieren, uns schöne Erlebnisse gönnen. Das wird am Krieg sicher nichts ändern, aber er verliert so ein wenig zerstörerische Macht über uns.

In diesem Sinne wünsche ich Ihnen viele bereichende und aufbauende Momente. Im neuen geroAKTIV finden Sie dazu zahlreiche Anregungen.

PLUS JAMAIS ?!

Nous voilà de nouveau confronté-e-s à une guerre, en Ukraine, à moins de 2.000 km de chez nous.

Bien que sans cesse entouré-e-s par des guerres dans le monde entier, nous nous sentons, en tant qu'Européen-nnes fortement menacé-e-s par celle-ci.

Ma génération d'après-guerre a eu la chance de pouvoir vivre en paix pendant 77 ans et nous étions persuadé-e-s que cela durerait toujours.

La guerre actuelle est entrée brutalement dans notre vie quotidienne, elle est omniprésente et nous nous sentons impuissant-e-s. Nos valeurs démocratiques auxquelles nous croyions n'ont pas abouti.

Que faire de notre désarroi ?

Nous pouvons faire des dons, accueillir des réfugié-e-s, réduire notre consommation des médias, mais aussi nous ressourcer en nous concentrant sur les moments positifs de la vie, nous créer de petits instants de joie. Ceci ne changera rien à la guerre, mais elle aura peut-être moins d'influence néfaste sur notre moral.

Je vous souhaite de passer des moments agréables et constructifs. Le nouveau geroAKTIV vous proposera comme toujours d'excellentes idées pour rester optimiste.



Foto: © Studio Photography

Danielle Knaff

Präsidentin /
Présidente



Leschten Applaus vum GERO-Publikum fir de Capitaine Christian Kirpes, Chef de musique adjoint vun der Militärmusek, de 27. Abrëll am Stater Conservatoire.

Mir soen dem Capitaine Kirpes e grousse Merci fir déi vill Freed, déi hien eise Memberen iwver déi lescht Jore gemaach huet a mir wünschen him all Guddes a senger wuelverdéncter Pensioun, déi hien Enn 2022 hëlt.

Derniers applaudissements du public GERO pour le Capitaine Christian Kirpes, Chef de musique adjoint de la Musique Militaire Grand-ducale, le 27 mars au Conservatoire de la Ville de Luxembourg.

Nous remercions le Capitaine Kirpes pour les grands moments de joie qu'il a apportés à nos membres au cours des dernières années et nous lui souhaitons une belle retraite bien méritée qu'il prendra fin 2022.

INHALT

- 3 Editorial
8 Diversität im Alter / *La diversité des personnes âgées*
Vielfalt sichtbar machen
Rendre la diversité visible
12 Interview Laura Zuccoli
„Op aner Leit zougoen, bréngt engem esou vill“
A la rencontre des gens de toutes les cultures
15 Médiator de la santé
D'Mediatiou: Zesummen eng Chance ergräifen
La médiation : une chance pour tous
18 Eng Foto – Eng Geschicht / *Une photo – Une histoire*
Kiermes bei der Bomi
A la kermesse chez grand-mère
22 Kollektive Resilienz / *La résilience collective*
Was uns zusammen – wachsen lässt
Promouvoir une « culture de nous »
24 Sonnenlicht / *Les rayons du soleil*
In Maßen ist genug
À apprécier avec modération
28 Info-Zenter Demenz
Diversität & Vielfalt
Diversité & Intégration
30 BEE-Secure
Hassrede im Internet: Was tun?
Discours haineux sur Internet : Que faire ?
38 Rätsel / Gewinnspill / *jeu-concours*



Médiator de la santé

D'Mediatiou: Zesummen eng Chance ergräifen / La médiation : une chance pour tous

15

- 32 Kulturpartner / *Partenaires culturels Kaart 60+*
34 **Kaart60+**
Nutzen Sie die Vorteile / *Profitez des avantages*
35 **Abonnement**
Karte und Magazin / *Carte et magazine*
36 Neue Partner / *nouveaux partenaires Kaart60+*
41 **Agenda**
Teilnahmebedingungen / *Conditions de participation*
52 Anmeldung / *Inscription*
53
54 Rätselauflösungen & Impressum



Diversität im Alter / *La diversité des personnes âgées* **Vielfalt sichtbar machen /** *Rendre la diversité visible*

08

geroDOSSIER

La diversité religieuse / *Religiöse Vielfalt*

zum Sammeln
à collectionner



DIVERSITÄT IM ALTER

Vielfalt sichtbar machen

Der internationale Tag der älteren Menschen am 1. Oktober (Journée internationale pour personnes âgées – JIPA) steht bei GERO, gemeinsam initiiert mit dem Ministerium für Familie und Integration, jedes Jahr unter einem spezifischen Thema.

2022 geht es rund um dieses Datum um Diversität im Alter. Die Ausgestaltung der verschiedenen Aktivitäten erfolgte in Begleitung einer beratenden multidisziplinären Expertengruppe.

DE

Ein wichtiges Anliegen ist dabei, den momentan zwar geläufigen, aber doch recht abstrakten Begriff der Diversität mit Leben zu füllen und diese abwechslungsreichen Facetten unserer Gesellschaft zu feiern. Zunächst einmal bedeutet die aus dem Lateinischen stammende Bezeichnung nichts anderes als *Vielfalt*.

Ein wichtiger Aspekt unserer Arbeit bei GERO ist es, genau diese Vielfalt und das damit verbundene Potenzial im Hinblick auf ältere Generationen sichtbar zu machen. Denn alt ist nicht gleich alt, sprich mit zunehmendem Alter wird das Leben keineswegs weniger bunt, sondern oftmals reicher, erfahrener und eben „diverse“.

Fragen zur Geschlechtsidentität und sexuellen Orientierung, zu Religion, Glaube und Interkulturalität sowie körperlichen und psychischen Beeinträchtigungen erhalten dennoch oft größere Aufmerksamkeit bei jungen Menschen. Dabei sind dies Lebensthemen, die auch im höheren Alter nichts an Wichtigkeit verlieren, ihre Berechtigung haben und öffentlich diskutiert werden sollten.



Was ist bis jetzt geplant?

Der **Online-Fragebogen DIVINE**, initiiert von GERO – Kompetenzzentrum für den Alter, erforscht unterschiedliche Facetten der Diversität bei Menschen ab 60 Jahren:

Behinderung, Interkulturalität, sexuelle Orientierung und Geschlechtsidentität, Religion und Glaube sowie altersbezogene Vorstellungen und Stereotypen.

Ziel ist es, die Einstellungen und Wahrnehmungen von Fachkräften im Altenbereich hinsichtlich der Diversität älterer Menschen sowie entsprechende Bedürfnisse, Herausforderungen und vorhandene Ressourcen zu erfassen.

*Diversity is the one true thing
we all have in common ...
celebrate it every day!*

Winston Churchill

Schon mal vormerken!

Am **30. September 2022** hält Dr. Annette Güldenring, Fachärztin für Psychiatrie und Psychotherapie sowie Oberärztin in der Klinik für Psychiatrie, Psychotherapie und Psychosomatik am Westküstenklinikum Heide, einen Vortrag zum Thema „**Variationsvielfalt jenseits der Pathologie – Sexuelle Orientierung und Geschlechtervielfalt im Wandel der Zeit**“. Dieser richtet sich sowohl an ein Fachpublikum als auch die breite Öffentlichkeit.

Die Veranstaltung findet ab 19 Uhr im „Celo“ statt.

Am **1. Oktober 2022** steht das Kulturzentrum „Celo“ in Hesperange ganz unter dem **Zeichen der Diversität**. Hier soll u. a. mit einem interaktiven, partizipativen Workshop sowie einem festlichen Abschluss die Vielfalt unserer Gesellschaft gemeinsam gefeiert werden.

Genauere Informationen finden Sie zeitnah auf www.gero.lu

geroAKTIV

hat einige Mitglieder der Expertengruppe um ihre persönliche Definition von Diversität gebeten:



Foto: © De Visu - Fotolia.com

Xavier Thiery

Direktionsbeauftragter CIPA Servior Howald Beim Klouschter

Klima des Zusammenlebens

Eine Einrichtung für ältere Menschen ist ein gutes Beispiel für Vielfalt. Ob unter den Bewohner*innen, ihren Familien oder den Mitarbeiter*innen, die Definition von Diversität erfährt hier eine ganz konkrete Bedeutung und zwar im Hinblick auf geografische Herkunft, soziokulturelle oder religiöse Hintergründe, Grad der Autonomie, Alter und Geschlecht sowie sexuelle Orientierung.

Ein Klima zu schaffen, das dieses Zusammenleben fördert, ist eine unserer zentralen Herausforderungen. Jeder Mensch ist einzigartig, was ihn in den Augen der anderen anders macht. Die Teilnahme an dieser Initiative bedeutet, auf diese Andersartigkeit zuzugehen, vorgefasste Meinungen und Vorurteile abzubauen, sich für den anderen zu interessieren sowie seine Ressourcen zu erkennen und wertzuschätzen. Wenn die Sensibilisierung für das Thema Vielfalt dazu beiträgt, dies zu erreichen, dann sollten wir darüber sprechen!

Philippe Eschenauer

Projektbeauftragter Interkulturalität bei der ASTI

Akzeptanz von beiden Seiten

In der Arbeitsgruppe ging es zunächst einmal darum zu entdecken, was unter Diversität verstanden wird, denn auch die Interpretation des Wortes an sich ist schon sehr vielfältig. Genau das macht diese Auseinandersetzung so spannend. Wenn man sich den Luxemburger Ausspruch „mir wëlle bleiwe wat mir sinn“ vor Augen führt, wird jedoch deutlich, dass genau dieser Aspekt der Vielfalt auch Angst machen kann. „Behuel dech wéi d'Leit, da geet et der wéi de Leit“, also nicht auffallen und aus der Reihe tanzen, lieber konform als divers – das wäre doch eine langweilige Welt! Der Vorteil der Vielfalt ist, dass niemand dem anderen etwas aufdrängen kann.

Dies gilt besonders in Luxemburg mit seinen vielen verschiedenen Nationalitäten, Sprachen und Traditionen. Bei der ASTI setzen wir uns für ein Zusammenleben ein, bei dem man Ängste abbaut, neugierig bleibt und offen miteinander umgeht. Alle Menschen – und nicht nur die Luxemburger – sind stolz auf ihre jeweilige Identität und Herkunft. Dies sollte von beiden Seiten akzeptiert werden.

Roby Anthony

Sozialpädagoge Service Espace Famille Ligue-HMC

Persönlicher Austausch

Diversität ist alles, was einen Menschen ausmacht – was er mag, was er lebt, was er fühlt. Das Alter ist dabei keine eigene Kategorie, sondern eine Etappe, in der wir transversal all das wiederfinden, was ebenso in anderen Alterstufen gilt. Auch Personen mit intellektueller Beeinträchtigung behalten ihre Vorlieben und Besonderheiten im Alter bei. Ihre Bedürfnisse sind genauso vielfältig und lassen sich nicht kategorisieren.

Wir bestehen alle aus vielen verschiedenen Bausteinen, die aus uns das machen, was wir sind. Bei Menschen mit Beeinträchtigungen kann es jedoch sein, dass sich bestimmte Probleme durch ihr Handicap im Alter intensivieren: Einsamkeit, wenig soziale Kontakte, Mangel an zugänglichen Aktivitäten. Oft hapert es für sie an Informationen, Transportmöglichkeiten oder Akzeptanz seitens anderer. Wenn man sich dieser Einschränkungen bewusst ist, kann man die Angebote entsprechend vielfältiger gestalten. Wer der Mensch mir gegenüber ist und welche Bedürfnisse er hat, erfahre ich nur im direkten, persönlichen Austausch und nicht anhand eines Dossiers.

FR

LA DIVERSITÉ DES PERSONNES ÂGÉES**Rendre la diversité visible**

La Journée internationale des personnes âgées (JIPA), en date du 1^{er} octobre, est organisée chaque année par GERO, à l'initiative du ministère de la Famille et de l'Intégration, sur un thème spécifique. Le sujet choisi pour l'édition 2022 est la diversité des personnes âgées. La conception des différentes activités a été réalisée grâce au conseil et à l'accompagnement d'un groupe d'experts multidisciplinaire.

L'un des principaux objectifs est de rendre vivante la notion de diversité, certes courante mais néanmoins abstraite, et de célébrer les multiples facettes de notre société. Un aspect important du travail de GERO est précisément de rendre visible cette diversité ainsi que le potentiel qui y est inhérent en ce qui concerne les générations plus âgées. Des questions relatives à l'identité de genre et à l'orientation sexuelle, à la religion, aux croyances et à l'interculturalité, ainsi qu'aux handicaps physiques et psychiques reçoivent néanmoins souvent une plus grande attention en relation avec les personnes plus jeunes.

L'initiative commune « Diversité des personnes âgées » a pour objectif de donner une plus grande visibilité à la richesse des facettes de la vieillesse, de sensibiliser le public à ce sujet et de stimuler l'ouverture et l'acceptation. Des informations et des manifestations ciblées visent ainsi à déconstruire les préjugés et à soutenir la diversité et l'autodétermination des seniors.

Réservez déjà cette date !

Le 1^{er} octobre 2022, le centre culturel « Celo » à Hesperange sera entièrement placé sous le **signe de la diversité**. Un atelier interactif et participatif ainsi qu'une clôture festive y seront organisés pour célébrer ensemble la diversité de notre société.

Vous trouverez de plus amples informations sur www.gero.lu

geroAKTIV

a demandé à certains membres du groupe d'experts de donner leur définition personnelle de la diversité :

Xavier Thiery

Chargé de direction CIPA Servior Howald Beim Klouschter

Vivre ensemble

Un établissement pour personnes âgées est un bon exemple de diversité. Que ce soit parmi les résident-e-s, leurs familles ou le personnel, la définition de la diversité prend ici un sens très concret en termes d'origine géographique, de contexte socioculturel ou religieux, de degré d'autonomie, d'âge, de sexe ou d'orientation sexuelle. Créer un climat qui favorise ce « vivre ensemble » est l'un de nos principaux défis.

Philippe Eschenauer

Chargé de projets interculturels, ASTI

L'acceptation des deux côtés

L'avantage de la diversité est que personne ne peut imposer quoi que ce soit à l'autre. Ceci est particulièrement pertinent au Luxembourg, avec ses nombreuses nationalités, langues et traditions différentes. À l'ASTI, nous nous engageons pour une vie commune où l'on apaise les peurs tout en restant curieux et ouvert les uns envers les autres. Chaque individu est fier de son identité et de son origine. Cela devrait être accepté et apprécié par toutes les parties concernées.

Roby Anthony

Sociopédagogue Service Espace Famille Ligue-HMC

L'échange personnel

La diversité est tout ce qui caractérise une personne. L'âge n'est pas une catégorie en soi, mais une étape dans laquelle nous retrouvons de manière transversale tout ce qui est également valable à d'autres stades de la vie. Même les personnes présentant une déficience intellectuelle conservent leurs penchants et leurs particularités. Je ne peux comprendre la personne en face de moi et ses besoins que dans un échange direct.

INTERVIEW LAURA ZUCCOLI

„Op aner Leit zougoen, bréngt engem esou vill“

D'Laura Zuccoli ass virun allem bekannt duerch hiert laangjäregt Engagement bei der ASTI (Association de Soutien aux Travailleurs Immigrés). Vu Mëtt Januar 2022 un ass si net méi Präsidentin vun der ASTI an hallefdaags an der Pensioun.



LU

Wéi ass et zu Ärem Engagement bei der ASTI komm?

Ech sinn hei gebuer, vun italieneschen Elteren, an ech hunn och di duebel Nationalitéit Lëtzebuerger an Italiener. Ech hu mech fir Froe vum Zesummeliewen interesséiert, well ech selwer als Kand vill Schwieregkeiten an der Schoul hat, haapsächlech mat de Sproochen. Ech engagéiere mech an der ASTI, fir meng Erfarungen ze deelen, awer och zur Verfügung ze stoen, fir d'Zesummeliewen ze férderen. An deem Senn hunn ech 1983 an der ASTI ugefaangen an hu Projeten opgebaut mat Kanner, mat Jugendlechen an och mat eelere Leit. 2009, wéi den Här Kollwelter sech zeréckgezunn huet, hunn ech d'Präsidenschaft iwverholl an elo viru kuerzem

hunn ech se nees ofginn, well ech fonnt hunn, no 12 Joer wier et un der Zäit, eng Verjéngerung bei den Dirigente vun der ASTI anzeleeden . Ech sinn awer nach émmer am Verwaltungsrat an nieft menger Pensioun schaffen ech nach e puer Stonnen d'Woch um Projet Coach4Work.

Wat sinn Är Pläng no der Pensionéierung a wéi eng Roll spillt do Är Ausbildung zum GERO-Pensiounscoach?

Ech hunn natierlech, wéi ech meng Pensioun am Viséier hat, iwwerluecht, wat ech am Hibleck op dës nei Liewensphas maache sollt. Ech hat vun der Initiativ vum Pensiounscoach matkru, wou et ém d'Virbereede vum Iwwergang vum aktive Liewen an d'Pensioun geet, iwwer déi a Form vu Konferenzen an aneren Initiativen informéiert gëtt. Ech hu mech fir dës Formatioun ageschriwwen a se als wäertvoll fir mech selwer émfonnt. Ech war och immens frou, datt ech an en dynamicsche, flotte Grupp mat Leit vu verschiddenen Nationalitéite gerode sinn.

Doduerch dass ech relativ vill Sproache schwätzen, hunn ech mer geduecht, ech kéint dëst Konzept och opmaache fir Portugisen, Italiener, Englänner ... a jiddereen duerch Gespréicher oder Konferenzen op verschidden Aspekter vun hirer Pensioun sensibiliséieren. An deem Kontext géif ech och versichen, d'Leit fir e Benevolat ze interesséieren, wou se sech stonneweis an hiren Interessien entspreechend abrénge können. Ech sinn émmer erém Leit begéint, déi frou waren, wa se méi Zäit haten, a sech dann och fir d'Gesellschaft setze wollten an dee Moment och eppes fir Lëtzebuerg maache wollten.

Wéi ass d'Situatioun hei am Land, énnert anerem mam Bléck op d'Populatioun 60+?

De groussen Zouwuess zu Lëtzebuerg kënnt duerch d'Auslännner an et gesäßt ee momentan och vill Leit, déi aus ganz anere Kulturreesser kommen. Fir Leit, déi Lëtzebuerg an de 60er a 70er Jore kannt hunn, ass dat beängschtegend, well si sech iergendwéi net méi erémfannen. 100 verschidde Sprooche gi geschwat an d'Englescht gëtt émmer méi présent an do ass et wichteg, datt Kontakter téschtent Leit vu verschiddenen Natiounen geférdert ginn. Doduerch mierke se: dat si Leit wéi du an ech, déi op si fir nei Bekanntschaften.

A menge laange Jore bei der ASTI, hu mir eis definitiv mat der Fro vun den Senioren, déi net lëtzebuergescher Ofstamung sinn, auserneegesat. Mir hate selwer an der ASTI, haapsächlech mat portugisesche Männer a Fraen, e Grupp Amigo 50+ opgebaut, dat ware Leit, déi um Bau oder als Botzfrae geschafft hunn a schonns an der Pensioun oder an der Invalididéit worn. Mir hu gemierkt, datt si de Schrott net gemaach hunn, fir an e Club Senior ze goen oder un aneren Aktivitéite matzemaachen, déi an hirem Ëmfeld ugebueden goufen. Si hunn nämmen un Aktivitéiten deelgeholl, wann se als Grupp matgaange sinn, dat heescht, wann si sech énnertenee wuelgefillt hunn. Mir hunn och gemierkt, datt souwuel bei den Auslännner wéi och bei de Lëtzebuerger Efforte musse gemaach ginn, an dat maacht Dir jo och ganz konkret als Agente Interculturelle, fir de Leit d'Atouren – de Räichtum an Dynamismus – ze weisen, deen eis international Gesellschaft matsechbréngt.

Mir promovéieren dowéinst d'Noperschafts-App Hoplr.com. Dës App erméiglecht et, datt Leit aus der selwechter Uertschaft oder Gemeng mateneen a Kontakt kommen, Informatiounen oder Material austauschen oder zesummen Aktivitéité plangen. Ech hoffen, datt och vill Seniore sech an dës Noperschafts-App aschrelien, well si doduerch och d'Geleeënheet kréien, déi multikulturell Gesellschaft kennzeléieren, ze gesinn an ze begéinen. Den Ament gëtt et se an de Gemenge Stroosser a Bettenduerf, d'Stad Lëtzebuerg ewéi och vill aner Gemenge si amgaang, se anzeféieren.

Den Net-Lëtzebuerger feelt och oft d'Geleeënheet, mat Lëtzebuerger a Kontakt ze kommen, besonnesch wann se émmer an engem internationale Milieu geschafft hunn. Grad wann se méi al ginn, a wann si sech net mat Zäiten e soziale Reseau opgebaut hunn, kann dëst zu Problemer féieren. Hir Famillje sinn zum Deel am Ausland an dofir fille sech der vill isoléiert.

D'Benevolat – wat gëtt dat de Senioren?

Ech si ganz oft iwwerrascht, wéi vill Leit sech mobiliséieren. De Potential vun de Benevolen ass ganz grouss. Wichteg ass, datt si gutt encadréiert ginn a Formatiounen ugebueden kréien. Dëst ass de Fall bei der ASTI an dat hunn eis Benevoller ganz gär. Et ass extrem valorisant, fir och an der Pensioun nach sozial agebonnen ze bleiwen an duerch Formatiounen säi Gehier fit ze halen.

Coach4Work:

Projet ASTI, zesumme mam / avec l'appui du Fonds Social Européen a Ministère du Travail:

📞 661 43 83 34
coach4work@asti.lu

Noperschafts-App Hoplr.com:

NoperschaftsApp – Menschen an Noperschaften a Gemenge matenee verbannen /
Appli de voisinage – Connecter les habitants dans les quartiers :

📞 43 83 33 1
agence.interculturelle@asti.lu

Wann Dir als Benevolle un der Praxis vun enger Sprooch (DE / FR / LB / EN) interesséiert sidd /

Si vous voulez soutenir la pratique d'une langue (DE / FR / LB / EN) en tant que bénévole :

📞 43 83 33 1
pratique.langues@asti.lu

Wéi eng Zorte vu Benevolat bitt d'ASTI?

Mir hunn eng ganz Rei Aktivitéiten, bei deene mir d'Leit, an haapsächlech d'Senioren, mobiliséieren, wéi um Beispill an der Praxis vun der Sprooch iwwer den Handy. Mir setze Leit a Verbindung téschent deenen, déi eng Sprooch wëlle léieren, an deen, déi se beherrschen an iwwer d'Sproochpraxis vermittele. Dës Persoune kënnen dann eemol an der Woch iwwert hiren Handy d'Sprooch zesumme praktizéieren. Méi ewéi 400 Kontakter fir eng Sprooch iwwer Händy ze praktizéiere sinn esou entstanen, alles op benevoller Basis!

Dëst sinn Aktivitéiten, fir déi sech och ganz vill Auslännner gemellt hunn, fir benevole ze hëlfelen, d. h. fir op Franséisch, Englesch oder Däitsch d'Sprooch ze praktizéieren. Dat si kleng Brécken, déi awer wicheg sinn, fir Hemmschwellen op béide Säiten ze iwwerwannen.

Mir si elo amgaang mam Projet „Coach4Work“, bei deem mir Leit begleeden, fir Aarbecht ze fannen an zwar mat engem Benevolle, deen zu Lëtzebuerg geschafft huet an Erfarung am Astelle vu Leit huet. Dobäi siche mir natierlech énner anerem bei pensionéierte Persounen. Mir hunn och schonn souwuel Lëtzebuerger wéi Auslännner, déi sech gemellt hunn, fir hir Berufserfarung un déi Persoune weiderzeginn, déi op der Sich no Aarbecht sinn. Dat sinn alles Aktiviteiten, déi zäitlech definéiert sinn, déi e kloren Engagement ee Mol an der Woch hunn, sou datt d'Leit flexibel bleiwen. Doduerch fénnt ee Leit vun allen Nationalitéiten, déi sech abréngé wëllen. Mat der Flüchtlingskris aus der Ukraine hu mer dëse Projet elo fir all Flüchting opgemat.

Ech wënsche jidderengem, datt en a sengen Engagemerter seng Satisfaktioun fénnt, sou wéi ech se fannen. Et ass och esou flott an divers, ville Leit ze begéinen. Op aner Leit zougoen, hir jeeweileg Kulture kennenzeléieren a sech mat hinnen a fir si ze engagéieren, dat bréngt engem esou vill.

Petra Vandebosch

A la rencontre des gens de toutes les cultures



En janvier 2022, après 12 ans, Laura Zuccoli a démissionné de la présidence de l'ASTI (Association de Soutien aux Travailleurs Immigrés) et a pris sa retraite à mi-temps. Elle restera pourtant active au Conseil d'administration. Comme fille de parents italiens, elle était toujours consciente des multiples aspects du « vivre-ensemble » et c'était cet intérêt qui était à l'origine de son engagement auprès de l'ASTI dès 1983.

Des réticences existent toutefois des deux côtés. En contact avec Amigo 50+, un groupe de personnes âgées portugaises, Laura Zuccoli a compris qu'elles avaient du mal à se joindre individuellement à un Club Senior ou autre association. Ce n'est que lorsqu'elles participaient à une activité en tant que groupe qu'elles se sentaient à l'aise. Des efforts doivent donc être faits de la part des Luxembourgeois et des étrangers pour apprécier les atouts et le dynamisme de la diversité de la population multinationale.

Laura Zuccoli se dit ravie du nombre important de bénévoles, tant luxembourgeois qu'étrangers, qui se mobilisent. Ces personnes doivent être bien encadrées, formées et surtout valorisées car elles sont une grande richesse pour le pays. L'une de ces initiatives très réussies est celle qui consiste à réunir des personnes pour pratiquer des langues via leur téléphone portable – en jumelant ceux qui veulent apprendre une langue et ceux qui la maîtrisent et sont prêts à transmettre leurs connaissances. Plus de 400 contacts ont été établis – tous en bénévolat !

Toutes ces activités aident à créer des liens entre nationalités. Laura Zuccoli espère que tout le monde pourra, comme elle, trouver sa satisfaction dans le bénévolat. « Il est tellement intéressant et enrichissant de rencontrer des gens de toutes les cultures et se s'engager pour eux. »

FR

D'MÉDIATION

Zesummen eng Chance ergräifen

Foto: © Bohumil Kostolny

De Mike Schwebag, Médiateur de la santé, an d'Maïté Poos, Médiatrice, hunn eis hire Service virgestallt

Den „Service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé“ existe zénter 2015 an awer ass dës Ulfstell fir Gesondheetsfroenet jidderengem bekannt. Kénnst Dir eis kuerz erklären, firwat dëse Service gegrënnt gouf a wat seng Haaptmissioune sinn?

LU

Am Kader vum Gesetz vun 2014 iwwer d'Rechter a Flichte vun de Patienten gouf de Besoin erkannt, en Service ze schafen, deen d'Leit iwwer dës Rechter a Flichten informéiert. Eis Informatiouns-Missioun erfëlle mir engersäits op perséinlecher Basis – fir Leit, déi eis direkt kontaktéieren –, awer och a méi engem breede Kader iwwer eisen Internetsite an a Form vu Konferenzen, wéi mir se z. B. schonn a Collaboratioun mat GERO zum Thema Patienteverfügung gehalen hunn.

An eiser Mediateurs-Missioun vermittele mir bei ongekläerte Froen oder a Strätfäll, déi als Suite vu gesondheetleche Behandlungen entstane sinn. D'Mediatioun, déi gratis a vertraulech ass, fërdert en Austausch téschent de betraffene Parteien, mam Zil e besteeënde Konflikt ze léisen an, am Idealfall, eng weider Zesummearbecht ze erméiglen.

Dir gitt also vu Patiente kontaktéiert, wa se mat der Leeschtung vun engem Dokter oder engem Etablissement net zefridde sinn. A wéi enger Form wende sech déi betraffe Persounen un lech a wat geschitt ab deem Moment?

Eisen Service ass eng Ulfstell fir de Patient wéi och fir de Prestataire. Vill Leit kontaktéieren eis direkt iwwer Telefon, anerer schécken e Mail oder Courrier a leeën eventuell scho relevant Dokumenter bai. Verschidden Doleancë loosse sech scho mat engem Telefongespréich léisen, heiansdo geet et duer, wann déi betraffe Persoun mat engem schwätzke kann an d'Gefill vermittele kritt, datt se mënschlech gehéiert a fir wichteg geholl gëtt. Bei Ufroen, déi net énner eis Kompetenze falen, leede mir d'Leit un déi zoustänneg Plaze weider. Dëst können z. B. Fäll sinn, déi d'CNS concernéieren, wéi Remboursementer oder Decisiounen vum Contrôle médical.

Déi Fäll – an dat waren der eng 120 d'lescht Joer –, fir déi et zu engem längere Suivi an eventuell enger Mediatioun kénnt, ginn als Dossier ugueluecht. Mir ginn haapsächlech vu Patiente kontaktéiert, mee et kann och virkommen, datt e Gesondheetsprestataire un eis eruntrétt, fir e Problem mat engem Patient duerzeleeën.

Als eischt kënnst et zu engem detaillierte Gespräch mat där Persoun oder deene Persounen, déi hir Doleancen eragereecht hunn. Och wa mir virdru schonn telefonéiert haten, ass e perséinlech Gespräch – an eise Büroen oder op enger anerer Plaz – wünschenswäert, fir de ganzen Oflaf vum Fall kennenzeléieren an ze héieren, wat d'Persounen sech als méiglech Léisung virstellen. Eis Aufgab ass och, de Leit ze héllefen ze erkennen, wou hir Prioritéite leien. Dacks sinn dës Leit an engem Desequilibier, si gesi Problemer op ville Plazen a kënnse sech keen Auswee aus hirer Situatioun virstellen. Wichteg ass, datt ee sech gemeinsam Zäit hält, fir Prioritéiten ze setzen, kleng Schrëtter unzegoen an aus senger negativer Vue erauszekommen.

De Slogan op Ärem Depliant ass „Zwee Standpunkter“. Dir lauschtert also deenen zwou oder eventuell méi concerniéierte Parteien no. Bréngt Dir se och zesummen un een Dësch?

Als Mediateur ergräife mir keng Partei. Mir lauschteren den zwou Säiten no a vermëttelen duerno mat deenen zwou Säiten.

Et muss een awer vlächt fir d'éischt betounen, datt d'Mediation op fräiwölleger Basis ofleeft. Wa mir z. B. en Dokter oder Spidol kontaktéieren, well eng Reklamatioun vun engem Patient virläit, dann ass et de Gesondheetsprestatairen iwwerlooss, ob si zu engem Gespräch mat eis an duerno eventuell och mam Patient bereet sinn. Och de Patient huet natierlech d'Recht, en direkt Gespräch ze refuséieren. Wann en Zesummekomme vun de Parteien net méiglech ass, probéiere mir op d'mannst als Intermediaire en indirekten Dialog ze erméiglen.

Op Initiativ vu GERO ass den 12. Juli e Virtrag iwver d'Roll vum Mediateur fir Gesondheetsfroen op Lëtzebuergesch a Franséisch virgesinn.

Weider Detailer op der Säit 43

A l'initiative de GERO, une présentation sur le rôle du médiateur de santé sera donnée en luxembourgeois et en français.

Veuillez consulter la page 43

Am Idealfall bréngt mir d'Parteien un een Dësch, fir datt e gemeinsamt Verständnes hiergestallt an zesummen no Léisunge gesicht ka ginn. Wichteg ass och, datt mir all Partei e Virgespréich proposéieren, bei deem si hir Duerstellung kënne ginn. D'Confidentialitéit ass zu all Zäitpunkt vun der Mediatioun absolut garantéiert. Et ass eis wichteg, datt d'Leit hire Point-de-Vue offen an éierlech ausdrécke kënnen. Souguer wann de Fall juristesch Suiten hätt, kann de Mediateur net als Zeien op d'Geriicht zitéiert ginn.

Jee no Fall, Disponibilitéit a Mobilitéit kann d'Mediation an eise Büroen, awer och op der Plaz vun der Prestatioun, sief et Praxis, Spidol oder Altersheem, oflafen. D'Mediation ass eng Chance. Déi zwou Parteie kommen an engem offenen Dialog zu Wuert a kréien Unerkennung gewisen. Et geet och ganz vill ém d'Nolauschteren an ém e géigesäitegt Verständnes. Et dierf een awer net vergiessen, datt dës Situatioun fir bëid Parteien net einfach ass. Et gëllt sech ze iwwerwannen, sech ze erklären, et fillt ee sech a Fro gestallt. Wichteg ass, datt ee bereet ass, dës Chance zesummen ze ergräifen.

Eis Roll ass et, dës Bereetschaft, fir offe mateneen ze schwätzen, ze stäerken an zu enger gudder Léisung hinzeléieren, ouni datt mir dobäi deem engen oder deem anere Recht oder Onrecht ginn.

Op Ärem Internet-Site fënnt een och en Depliant iwver Behandlungen am Ausland. Informéiert oder intervenéiert Dir och bei Traitementer an aneren EU-Länner?


Jo, dëst ass och eng vun eisen Aufgaben, souwuel fir Awunner vu Lëtzebuerg, déi sech iwver Traitementer an engem anere Land berode loosse wëllen, wéi och fir Leit aus dem Ausland, déi fir eng Behandlung op Lëtzebuerg komme wëllen. An enger EU-Direktiv iwver soins transfrontaliers ass virgesinn, datt all Memberstaat eng oder méi Kontaktstelle fir Patiente muss hunn. Dës Missioun erfëlle mir zesumme mat der CNS, déi iwver d'Konditiounen vun de Remboursementer informéiert, wärend mir de rechtliche Volet iwwerhuelen, Kontakter weiderleeden an och bei eventuelle Problemer vermëttelen.

Mir soen lech villmoos Merci fir dëst Gespräch a wünschen lech vill Succès bei Ärer wichteger Aufgab.

Nicole Duhr

La médiation

Une chance pour tous



Le « Service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé » existe depuis 2015. Quelles sont ses missions ?

Nous informons les patients sur leurs droits et devoirs sous forme de conseils personnalisés mais aussi plus largement sur notre site internet ou lors de conférences publiques. En tant que médiateurs, nous intervenons dans des litiges à la suite de traitements de santé. La médiation, qui est gratuite et confidentielle, favorise un échange entre les parties concernées, dans le but de résoudre un conflit et de rétablir la collaboration.

Les patients nous contactent lorsqu'ils ne sont pas satisfaits de la prestation d'un médecin ou d'une institution. Certaines doléances se règlent déjà par un simple échange téléphonique. Le fait que la personne concernée puisse parler à quelqu'un et ait le sentiment d'être prise au sérieux peut déjà lui être utile. Les demandes qui ne relèvent pas de notre compétence sont transmises aux services appropriés, p.ex. à la CNS pour les remboursements ou décisions du médecin de contrôle.



Service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé

Tel. 24 77 55 15, info@mediateursante.lu
73, rue Adolphe Fischer, 1520 Luxembourg

Weider Informatiounen a Broschüren /
Informations et documentation sur:
www.mediateursante.lu

Les cas qui nécessitent un suivi plus détaillé et éventuellement une médiation – environ 120 cas l'année dernière – sont constitués en dossier. Nous sommes principalement sollicités par des patients, mais il arrive aussi qu'un médecin nous contacte à cause d'un conflit avec un patient.

Nous procédons d'abord à un entretien détaillé avec le requérant, de préférence en face à face, afin de connaître l'évolution des faits et d'écouter ce que la personne attend comme solution. Souvent, ces personnes sont en déséquilibre et voient des obstacles partout. L'important est de prendre le temps ensemble de définir les priorités, d'aborder de petites étapes et de sortir de sa vision négative.

Votre slogan est « deux points de vue ». Vous écoutez donc tous les acteurs. Est-ce que vous les réunissez aussi autour d'une table ?

En tant que médiateur, nous ne prenons pas parti. Nous écoutons les deux camps et nous essayons ensuite de concilier avec les deux. Il faut souligner que la médiation se déroule sur une base volontaire, tant pour le prestataire de santé que pour le patient. Si une rencontre des parties n'est pas possible, nous essayons au moins d'agir en tant qu'intermédiaire et d'instaurer un dialogue indirect. Dans l'idéal, nous réunissons les parties autour d'une table pour chercher ensemble des solutions. Il est également important que toutes les parties puissent présenter leur point de vue lors d'un entretien préliminaire séparé.

La médiation constitue une véritable opportunité. Les deux parties peuvent s'exprimer, être écoutées et être valorisées dans le cadre d'un dialogue ouvert. Il ne faut pas oublier non plus que cette situation est délicate pour toutes les parties. Il faut s'expliquer, se justifier, on se sent mis en question. L'important est d'être prêt à saisir cette chance ensemble. Notre rôle est de renforcer cette volonté de dialoguer sans pour autant donner raison ou tort à l'un ou à l'autre.

Les traitements dans d'autres pays de l'UE relèvent-ils également de votre compétence ?

Oui, tant pour les résidents luxembourgeois qui souhaitent s'informer sur les traitements dans un autre pays que pour les patients venant de l'étranger et souhaitant se faire soigner au Luxembourg.

ENG FOTO – ENG GESCHICHT

Kiermes bei der Bomi

De Summer ass do, d'Schouljoer geet op en Enn, a wéi all Joer am Juli, hu mir eis op d'Kiermes bei der Bomi zu Mechela gefreet. Si war e gudden a waarmhäerzege Mënsch, eis Bomi, eng éischter kleng Fra mat laangen Hoer, déi, zu engem flotten Tuppi gebonn, hiert léift Gesicht sou gutt zum Ausdruck bruecht hunn. Ech erénnere mech un hir donkel geblummelech, mat Spëtzt versate Sonndeskleeder, wouran ech si esou schéi fonnt hunn.



Op d'Kiermes bei der Bomi hu mir Kanner eis émmer gefreet

Fotos: © Archiv R. Lucas

LU

Émmer war si amgaang ze schaffen an ze wudderent, eng staark Persoun, awer och resolut. Wann d'Bomi eppes sot, da war dat sou a jiddereen hat Respekt virdrun. D'ganz Famill koum zesummen an deem ale Bauerhaus, mat décke Mauerent, de klenge Fënschteren an deem hélzene Buedem, deen sou schéi bei all Tratt gekraacht huet. Mir waren zu vill an d'Bomi hat ausgezeechent gekacht. No enger gudder Britzopp gouf et Paschtétiche mat richteg vill Gefälls, dono en häerzhafte Schwéngsbrot mat Speckgromperen, zum Schluss e Stéck Schmulltaart.

D'Stuffefënster war mat Holz énnerdeelt a vun der déiwer Mauer émginn, sou datt net vill Liicht eragefall ass. Mir souzen un engem laangen Dësch, deen énnert enger holze Plack en décke Bauch hat, wou nach Miel dra louch vum Broutbaken.

Nom lesse si mir Kanner op d'Scheier spille gaang. Do gouf et etteleches aus vergaangener Zäit z'entdecken: al Plackespiller, mat breedem, triichterférmege Lautsprecher, eng grouss Wo fir Weess ofzeweien, vill Schaffgeschier, all Zort Stécker vun ale Maschinnen, graff Rieder vun hélzene Ween, mat deenen d'Hee erageholl gouf, Päerdsgeschier, Gasmasken aus dem Krich. Mir hate fräi Hand, fir all déi Schätz z'entdecken, an alles moschteren ze goen, Verstopfches ze spinnen an eis d'Zäit ze verdreiwen. Eis Eltere woussten eis gutt beschäftegt a si konnte roueg potere bei der Kiermesdrépp oder dem selwer gemaachtene Likör.

Nom lesse si mir alt mol mam Texi, der Bomi hirem Hond, op d'Buerschter Schlass spadséiert. An der Buergruin gouf et vill z'entdecken, z. B. den déiwe Buer mat deem wackelegen dënne Gitter driwwer. Mir louchen um Buedem virun deem onheemleche Lach, hu Steng dragehät a gelauschtert, wéi et énnen am Waasser geplätscht huet. Mir sinn iwwer déi déck Schlassmaure gelaf an hu gekuckt, wien dee Séierste war. An der Folterkammer war zwar net vill méi ze gesinn, ma jidderee vun eis wosst eppes ze zielen iwwer déi schrecklech Saachen, déi se am Mëttelalter do de Leit ugedo hunn. Mir konnten eis virstellen, wéi d'Ritter an hirer Rüstung Wuecht gehal a bei Gefor mat de Kanounen aus de Schéisschachte geschoss hunn. Spannung pur a riseg Freed, e richtegt Abenteuer, wat mir als Kanner do um Buerschter Schlass erlief hunn.

